



Sënn net preparéiert waren, fir direkt an der Kommissioun driwwer ze schwätzen.

Mee rien n'empêche, dass een awer hätt kënnen eng zousätzlech Kommissioun maachen, fir iwwert deen doten Avis ze schwätzen, ier een dat dunne einfach leiegelooss huet, bis dass elo d'lescht Woch de Rapport ugeholl ginn ass, ouni allegueren déi aner Avisen ze kucken.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Adehm.

Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Marc Hansen.

■ **M. Marc Hansen (déi gréng).**- Jo, villmools merci, Här President. Ech wollt och soen, dass et eigentlech sënnavoll wär, esou wéi ech dat och schonn a menger Ried gesot hunn, den Avis vun der ALIA mat alle Betraffenen ze diskutéieren an och ze kucken, a wéi eng Richtung et genau soll goen. An an deem Sënn fannen ech, dass et sënnavoll ass, dann ze kucken, a wéi eng Richtung et mam 1991er Gesetz soll goen. An duerfir si mir eigentlech och der Mee-nung, dass et soll an d'Kommissioun verweise ginn.

■ **Mme Diane Adehm (CSV).**- D'ALIA freet eng Refonte.

■ **M. Marc Hansen (déi gréng).**- Sollt dat net de Fall sinn, wäerte mir géint ...

■ **Mme Diane Adehm (CSV).**- D'ALIA freet eng Refonte vum Gesetz!

■ **M. Marc Hansen (déi gréng).**- ... dës Motioun stëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Dann hat d'Madamm Lydia Mutsch d'Wuert gefrot.

■ **Mme Lydia Mutsch (LSAP).**- Jo, merci, Här President. Mir hunn hei eng Ouverture gemaach kritt, souwuel vusäite vum Premier- respektiv Medieminister, wéi och vusäite vum President, fir zäitno - ass hei betount ginn - heiriwwer ze schwätzen, sief et iwwer eng eventuell Refonte, sief et iwwer zukünfteg Adaptatiounen, déi sech als noutwendeg erweisen.

Ech sinn do am Zesummenhang mat der Terminologie, déi vun der Madamm Adehm gebraucht ginn ass, net d'accord: Fir mech sinn déi Ronnen, déi mer do wëllen dréien, keng „Plauderstündchen“, mee dat si wichteg Gespréicher, déi mir am Kontext vun eiser legislativer Aarbecht musse féieren. An duerfir hunn ech dat eng ganz gutt Suggestioun fonnt, fir dat an der Kommissioun ze maachen. Wann dat vun der CSV net esou gesi gëtt, da gesi mir keng Méiglechkeet, fir där heiter Motioun eis Zoustëmmung ze ginn.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Mutsch.

Et ass keng weider Wuertmeldung méi do. Da kënnen mer zum Vott vun dëser Motioun kommen.

Vote sur la motion 2

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Le compte est bon. Domadder ass dës Motioun mat 29 Jo-Stëmmen an 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Léon Gloden), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par M. Claude Wiseler), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Jean-Paul Schaaf), Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen);

MM. Jeff Engelen (par M. Laurent Mosar), Fernand Kärtheiser (par M. Roy Reding), Fred Keup (par M. Gilles Roth) et Roy Reding;

MM. Sven Clement et Marc Goergen;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ont voté non: MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Crouchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

6. 7537 - Projet de loi relative à certaines modalités de mise en œuvre du règlement (UE) n° 2019/1150 du Parlement européen et du Conseil du 20 juin 2019 promouvant l'équité et la transparence pour les entreprises utilisatrices de services d'intermédiation en ligne

Mir kommen elo zum Projet de loi 7537 iwwer eng Rei Modalitéiten, déi Gerechtegkeet an Transparenz promovéiere fir d'Betriber, déi online Intermediationsservice benotzen. D'Riedezeit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech géif d'Wuert un d'Rapportrice vun dësem Projet de loi ginn, déi honorabel Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace

■ **Mme Francine Closener (LSAP), rapportrice.**- Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären: „If your business is not on the internet, then your business will be out of business.“ Dat Zitāt gëtt dem Bill Gates zougeschriwwen. Mee eigentlech ass et egal, wien et sot: Et ass richtig! An ob mer et elo gutt fannen oder net, d'Betriber, net nëmmen, mee besonnesch d'PMEen, déi hir Gidder a Servicer wëlle verkafen, kommen net méi laanscht eng Onlinepresenz, wa se à long terme wëllen iwwerliewen.

Onlineshopping a -selling, E-Commerce ass ganz einfach net méi ewechzedenden. Dem Jeff Bezos säi Begrëff vun der „customer obsession“ ass keng Fiktioun, mee Realitéit. An déi Presenz op de grouse Plattformen, déi sougenannten „intermédiation en ligne“, gëtt ëmmer méi zu engem wichtige Facteur, fir den Entrepreneuriat ze ënnerstëtzen, fir dem Commerce nei Opportunitéiten ze bidden.

Allerdéngs ass et esou, dass et grad fir déi kleng a mëttelgrouse Betriber ganz séier zu engem ongesonden Desequilibrium oder carrement zu engem Ofhängegkeetsverhältnis ka komme par rapport zu der jeeweileger Onlineplattform. An et ass genee do, wou dës Gesetzesprojet umsetzt. Heimat gëtt nämlech dat europäesch Règlement 2019/1150 ëmgesat, dass d'Équitéit an d'Transparenz stärke soll fir Entreprises, déi op esou e Service d'intermédiation en ligne zrëckgräifen, fir also hir Produiten a Servicer un d'Fra oder un de Mann ze bréngen.

Wa mer vun enger Entreprise utilisatrice schwätzen, geet et wéi gesot dacks ëm PMEen, déi et natierlech och schwéier hunn, fir aus eegene Mëttele kënnen juristesche virzegoen, wann eng Onlineplattform oder och eng kommerziell Sichmaschinn hir dominant Position vis-à-vis vun der jeeweileger Entreprise ausnotzt. Déi Relatiounen tëscht Plattform engersäits an Entreprises, déi drop sinn, anersäits ginn duerch dës europäesch Règlement encadréiert. Dat ass eng weltwäit Première, well et ass deen alleréischte legislativen Text, deen d'Ambitioun huet, fir eeben esou e juristesche Kader ze setzen.

Wéi geet dat elo? Wéi gëtt dee rechtlechen Enca-drement aus?

Abee, et gëtt zwee Punkten: Op där enger Säit gi Reegelen agefouert, fir deloyal Praktiken am Onlinecommerce ze ënnerbannen, an op där anerer Säit ginn eng Partie Obligatiounen definéiert, un déi sech d'Plattformen ze halen hunn, fir eeben eng besser Transparenz vis-à-vis vun den Entreprises ze garantéieren.

D'Reglement leet ënner anerem fest, dass d'Onlineplattformen hir Conditions générales esou redigéiere mussen, dass se fir d'Entreprises einfach accessibel sinn, an dass sämtlech Prozeduren a Mentiounen, déi d'Plattform der Entreprise imposeiere kann, och schwaarz op wäiss an de Conditions générales geschriwwen sinn.

D'Reglement seet och kloer, dass eng Plattform hir Servicer fir d'Entreprise net einfach esou aschränken oder kënneg kann. E Commerce muss am Virfeld en Exposé des motifs kréien, wou d'Plattform erkläert, firwat se d'Relatioun mam Commerce aschränke respektiv en suspens setzen oder kënneg wëllt.

Doriwwer eraus ginn och alternativ Mechanismen agefouert, wéi Litigen tëscht dem Commerce an der Onlineplattform ze traitéiere sinn. Grouss Plattformen, déi am Joer méi wéi zéng Milliounen Euro Chiffre d'affaires maachen, mussen en interne System fir den Traitement vu Plainten opstellen. Wann eng Onlineplattform den Obligatiounen aus dem Règlement net nokënnt, sinn d'Memberstaaten an der Verantwortung, ee Mechanismus fir Recoursen en place ze setzen. Et geet also ëm d'Méiglechkeet, fir sech als Commerce, am Fall vun engem juristesche Litige, duerch eng Organisatioun oder Associatioun viru Gericht vertrieeden ze loosse. An den Artikel 4 vun dësem Projet de loi hält d'Prozedur vun der Action en cessation fest, déi de leséierte Commerce géint d'Onlineplattform kann an d'Weeër lee-den.

Dann zu de Konditiounen, déi all Organisatioun oder Associatioun erfëlle muss, fir am Numm vun enger Entreprise eng Action en cessation virum Tribunal kënnen ze froen. De Kader fir déi Konditiounen ass am Artikel 2 vum Projet de loi virgesinn. De Wirtschaftsminister designéiert d'Organisatiounen an d'Associatiounen, déi d'Konditiounen vum Règlement erfëllen, dat fir eng Dauer vu fënnf Joer. An de Wirtschaftsminister communiquéiert den Numm an den Objet vun deenen Organisatiounen un d'EU-Kommissioun, fir dass se op d'Lëscht vum Journal officiel vun der Europäescher Unioun dropstoe kommen.

Den Artikel 5 gëtt da Sanktiounen vir, wann d'Plattform eng Ordonnance de cessation net géif respektéieren, an déi Amende, déi gegebenefalls gesprach gëtt, ka bis zu enger Millioun Euro héich sinn.

D'EU-Règlement gëtt am Artikel 14 Paragraf 5 vir, dass d'Memberstaaten een Organisme public nominéiere kënnen, deen de leséierte Commerce vertrieede kann an eng Action en cessation aleede kann. An d'Kommissioun hat am Amendement 3 virgesinn, dass de Conseil de la concurrence déi Roll sollt iwwerhuelen, an also als Organisme public sollt designéiert ginn.

Allerdéngs huet de Conseil de la concurrence nach keng eege Personalitéit juridique a kann dowéinst also nach net viru Gericht agéieren. Nach, soen ech, well de Projet de loi 7479, deen um Instanze-wee ass, gëtt jo précisément vir, aus dem Conseil de la concurrence en Établissement public ze maachen. An déi zukünfteg Autorité nationale de la concurrence soll also de Rôle vum Organisme public iwwerhuelen. An et ass och genee dat, wat de Staatsrot a sengem Avis complémentaire geschriwwen huet, an d'Kommissioun huet decidéiert, deen do ze suivéieren.

A sengem éischten Avis hat de Staatsrot fënnf Oppositions formelles formuléiert, woubäi et gréisstendeels ëm eng onkomplett oder ze restriktiv Ëmsetzung vum originalen Text vum Règlement gaangen ass, dës virun allem bei der Fro, wéi eng Organisatiounen an Associatiounen genee e Commerce virum Tribunal vertrieeden dierfen. Dës Oppositions formelles konnten allerdéngs allegueren aus der Welt geschafe ginn. Och der Opposition formelle am Avis complémentaire, wéi grad schonn erimmt, huet d'parlamentaresch Kommissioun Rechnung gedroen.

Ze soe bleift nach, dass och d'Berufschamberen dës Projet de loi approuvéieren, woubäi am Rapport iwwert den Avis vun der Chambre de Commerce duerch eng Erreur de frappe ee Saz eragerutscht ass, deen net dra gehéiert. Dat gëtt selbstverständlech redresséiert.

Här President, ech kommen zum Schluss. Déi grouss Onlineplattformen sinn e feste Bestanddeel gi vun eiser Welt, och vun eiser Geschäftswelt: op der Säit vun den Entreprises, déi nei Clientéien kënnen erreechen, op der Säit vun de Konsumenten, déi e bessere Choix a besser Vergläichsméiglechkeete kréien. Dat alles gëtt den Onlineplattformen vill, ganz vill Muecht! An et ass richtig a wichteg, den néidegen Encadrement vun deem Businessmodell ze schafen.

Mat dësem Projet de loi suerge mer derfir, dass och a virun allem kleng a mëttelstännesch Betriber sech kënnen zur Wier setzen, wann esou eng Plattform vun hirer Position de force wëllt abuséieren. Dat ass nëmmen de Begrëssen, an duerfir ginn ech natierlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi. Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech soen der Madamm Rapportrice, der Madamm Francine Closener, Merci a ginn d'Wuert un den éischten age-schriwwene Riedner, den honorabelen Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Léon Gloden (CSV).**- Merci, Här President. Merci der Madamm Rapportrice fir hire mëndlechen a schréftleche Rapport.

D'Entreprise Klein Leo verkeeft Spillgezei. Natierlech ass d'Entreprise Klein Leo op „LetzShop“, mee si wëllt awer och mat deene ganz grouse mat-halen a mécht eng Demande bei dem Här an der

Madamm eBay. Keng Reaktioun. Klein Leo bleift also mat sengem Betrib zimmlech lokal oder regional. Duerch dës Règlement verbessert sech d'Situatioun vun der Entreprise Klein Leo, well se kritt méi Moyenen, fir sech par rapport zu dem Här an der Madamm eBay duerchzesetzen.

Wat gëtt verbessert? Ech muss kloer kënnen als Entreprise um Site vun eBay oder Amazon, fir déi zwee ze nennen, d'Conditions générales zrëckfannen. An déi mussen esou geschriwwen sinn, dass och d'Entreprise Klein Leo déi versteet, also och an e puer Sproochen. Wann ech refuséiert ginn, muss ech kloer Grënn kréien. An déi Grënn mussen communiquéiert ginn, éier ech ... oder spéitstens mam Refus. Haut kann een einfach refuséiert ginn an da muss ee sech debrouilléieren. Et ass och generell fir méi Transparenz gesuergt duerch dës Règlement.

Här President, mir schwätzen hei vun engem Règlement, mee firwat schwätze mer dann am Fong iwwerhaapt hei an der Chamber doriwwer, well e Règlement, en europäesche Règlement, ass jo directement applikabel? Eh ben, dës Règlement gëtt vir, dass d'État-membren eng Marge de manœuvre a verschidde Punkten hunn, besonnesch bei de Sanktiounen a bei de Recoursméiglechkeeten.

Et ass gesot gi vun der Madamm Rapportrice, dass d'Recoursméiglechkeete gestärkt ginn doduerch, dass een eng Action en cessation ka maachen, wéi mer dat zum Beispill och en matière de concurrence déloyale hunn an am Droit de la consommation. Ech brauch mech elo als Entreprise Klein Leo net eleng do duerch de juristeschen Dschungel ze schloen, mee ech ka bei eng Associatioun goen, déi agreéiert gëtt vum Ministère de l'Économie, déi déi Konditiounen erfëllt, déi elo hei am Gesetz stinn.

D'Madamm Rapportrice huet et och gesot: De Règlement gëtt vir, dass eng Entité publique designéiert gëtt, fir eeben déi Recoursméiglechkeeten am Numm vun de Betriber kënnen ze maachen. Hei war ugeduecht ginn, de Conseil de la concurrence ze designéieren. Or, wéi gesot, de Conseil de la concurrence ass nach keng onofhängeg Entitéit. Mir haten deemools an engem memorabele Vott hei an der Chamber géint de Staatsrot gestëmmt - et war déi éischte Kéier, dass ech mech kann erënneren a menger Karriär hei an dësem héijen Haus, dass mer en zweete Vott geholl hu par rapport zum Vott vum Staatsrot. Bon. Mir sinn amgaang ze diskutéieren iwwert d'Gesetz vum Conseil de la concurrence. Mäi kleng Fanger seet mer, dass de Staatsrot och bal fäerdeg ass domadder. Ech mengen, mer kréien do nach vill Aarbecht.

Mee doriwwer eraus, Här President, geet et och drëm, méi eng generell Diskussioun ze féieren ëm d'Kompetenz vun deem Conseil de la concurrence. Haut ass de Conseil de la concurrence zoustänneg fir dat, wat mir „abus de position dominante“ an „entente“ nennen. An anere Juridictiounen, wéi a Frankräich zum Beispill, ass d'Autorité de la concurrence och zoustänneg fir de gesamte Volet Droit de la concurrence déloyale, an ech mengen, déi Debatt soll een och am Kader vun de Kompetenzen vum Conseil de la concurrence féieren.

Mir sinn als CSV-Fraktioun mat dësem Text d'accord. Ech ginn hei och den Accord zu dësem Text.

Ech deposéieren awer och eng Motioun, Här President, well hei schwätze mer am Fong och vu Geoblocking a vun der Difficultéit vun den Entreprises, vun de Lëtzebuergeschen Entreprises, fir sech och am Ausland ze approvisionéieren. Dat alles huet mateneen ze dinn. An ech hunn nogekuckt, mir haten den 19. Juni 2019 hei eng Debatt iwwert d'Gesetz vun Geoblocking, wat och jiddwereen matgestëmmt huet, a ech hat och deemools eng Motioun deposéiert, wou ech d'Regierung opgefuerdert hat, eng Plattform fir déi Reklamatiounen anzeféieren, och eng Campagne de sensibilisation vun deem Effet vu Geoblocking, wat dat fir en Effet néfaste fir eis Économie huet. Jiddweree war mam Contenu d'accord, mee si ass vun der Majoritéit ofgeleent ginn.

Duerfir probéieren ech se dann elo nach eng Kéier ..., ech deposéiere se an ech hoffen, dass mer dann haut do e Schratt weiderkommen, well Lëtzebuerg leit wierklech dorënner. Ech mengen, mir kommen alleguer dagdeeglech a Kontakt mat eise Betriber. De Consommateur huet e Problem mam Geoblocking - dat ass jiddwerengem vun eis heibanne scho geschitt -, a besonnesch déi Kleng- a Mëttelbetriber hunn e Problem mam Approvisionnement. Et ass net normal, dass wann ech iergendeng däitsch Kamellmark wëll kafen, dass ech dann iwwer e belsche Fournisseur fuere muss, amplatz déi däitsch Kamellentuten direkt zu Tréier oder zu Bonn kafen ze kënnen. Merci.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que le phénomène de « géoblocking » persiste au Luxembourg, et ce malgré la loi du 26 juin 2019 relative à certaines modalités d'application et à la sanction du règlement (UE) 2018/302 du Parlement européen et du Conseil du 28 février 2018

Le saviez-vous ?

CONFÉRENCE DES PRÉSIDENTS

La commission dénommée « Conférence des Présidents » décide des questions relatives à l'organisation des travaux parlementaires, propose l'ordre du jour de la Chambre et donne son avis au sujet des projets de règlement grand-ducal pour lesquels son avis est requis en vertu d'une disposition légale.



visant à contrer le blocage géographique injustifié et d'autres formes de discrimination fondée sur la nationalité, le lieu de résidence ou le lieu d'établissement des clients dans le marché intérieur, et modifiant les règlements (CE) n° 2006/2004 et (UE) 2017/2394 et la directive 2009/22/CE ;

- constatant qu'aucune campagne de sensibilisation n'a été menée en partenariat avec le Centre européen des consommateurs au Luxembourg pour sensibiliser le public au phénomène de « géoblocking » ;

- considérant que le phénomène de « géoblocking » nuit aux intérêts des consommateurs et des entreprises au Luxembourg ;

- notant que de nombreuses entreprises au Luxembourg font aussi régulièrement face à des problèmes de libre approvisionnement auprès du fournisseur de leur choix au sein du marché intérieur de l'Union européenne ;

- constatant que cette situation entraîne une double pénalisation des entreprises au Luxembourg en matière de prix (impossibilité de s'approvisionner aux meilleurs prix) et en matière d'offre (disponibilité limitée des produits) ;

invite le Gouvernement

- à entreprendre des efforts supplémentaires pour contrer le phénomène de « géoblocking » ;

- à mettre en place un système de réclamation en ligne ouvert aux entreprises au Luxembourg affectées par des problèmes d'approvisionnement et à transmettre celles-ci à la Commission européenne aux fins de recours contre les fournisseurs agissant à l'encontre du principe du libre accès aux réseaux d'approvisionnement et de ce fait aux principes fondamentaux du marché européen ;

- à assurer ainsi que les consommateurs et les entreprises au Luxembourg ne soient pas désavantagés par rapport aux autres consommateurs et entreprises dans l'Union européenne.

(s.) Léon Gloden, Laurent Mosar, Gilles Roth, Marc Spautz, Claude Wiseler.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Gloden. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Guy Arendt (DP).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den technesche Fortschrétt an d'Entwécklung vun den Internetservicer hunn d'Verhale vum Konsument staark beaflosst a verännert. Virun 30 Joer hu mir eis Kleeder nach an engem kleng Buttek oder an enger Grande surface kaaft. Eis Liewensmëttel si mer an d'Epicerie ëm den Eck oder an de Supermarché siche gaangen. Deemools hätt nach kee sech kënnen virstellen, dass mir eis Akeef iergendwann iwwert de Computer kéinte maachen.

An der Mëtt vun den 90er-Jore sinn dunn déi éischt virtuell Verkafsplattformen gegrënnt ginn - d'Gebruertsstonn vun Amazon an eBay, fir se net mam Numm ze nennen. Dat Speziell un dese Plattformen ass, dass si als Intermediaire tëschent dem Keefer an dem Verkeefer fungéieren. Hire Service besteet doranner, béid Parteien um elektronesche Marché zesummenzebréngen.

Den elektronesche Commerce bréngt verschidden Atoute mat sech, op déi mir hautdesdaags net méi verzichte wélten: Nieft dem Erspuernis vun Zäit a Geld ass et virun allem déi riseg Auswiel u Marken, Produiten a Servicer, déi d'Konsumenten iwwerzeegt. Domat kann de physische Commerce, a besonnesch eng kleng Entreprise, nëmme schwéier mathalen.

Et ass dofir verständlech, dass ëmmer méi Firmen en zweete Verkafschannel um Internet wëllen opbauen oder komplett op den elektronesche Commerce wëllen ëmklammen. Op den éischte Bléck schéngt en Zesummenaarbecht mat de Plattformen wéi Amazon besonnesch villversprechend ze sinn, schliisslech huet een hei Accès op e risige Pool vu potenzielle Clienten.

De Problem ass awer, dass verschidde Plattformen haut esou e grouse Maartundeel kontrolléieren, dass si Här a Meeschter vun de kommerzielle Spillreegele sinn. Si kënnen quasi fräi iwwert d'Notzungskonditiounen vun hire Servicer entscheiden, meeschtens zum Nodeel vun hiren Notzer. Gläichzäiteg sinn d'Entreprises hautdesdaags ëmmer méi ofhängeg vun dese Plattformen, wat zu engem ongläichméissege Muechtverhältnis tëschent deenen zwou Parteien féiert.

Vu fairer Konkurrenz kann een hei net méi schwätzen an d'Transparenz léisst ëfters ze wënschen iwwreg. Bis dato existéiert nämlech kee juristesche Kader, deen déi sougenannte Services d'intermediation en ligne regléiert.

Dat selwecht géllt iwwregens fir déi virtuell Moteurs de recherche wéi Google, Bing a Yahoo. De Problem ass hei, dass d'Operateure keng Prezisioun dozou ginn, no wéi enge Krittäre si d'Resul-

tater vun enger Online-Enquête sortéieren an oplëschen. Hire Algorithmus ass alles anescht ewéi transparent. Och wat den Traitement des données ugeet, ass net ëmmer alles kloer.

Här President, duerch d'Coronakris huet den elektronesche Commerce ee richteg Boom erlieft. Et gouf nach ni esou vill am Internet akaaft wéi an deene leschten zwielef Méint. Wéi et no der Pandemie virugeet, bleift ofzewaarden. Mee eent ass sécher: Den Onlinehandel wäert och an Zukunft ee wichteg Bestanddeel vun eiser Economie bleiwen.

Dofir ass et wichteg, dass mir e legale Kader fir déi kommerziell Relatiounen tëschent den Notzer an de Fournisseure vun de virtuellen Handelsplattformen schafen. Dee virleiende Gesetzesprojet huet genee dat als Zil.

Mat der Ëmsetzung vun dem Reglement 2019/1150 ginn zu Lëtzebuerg verschidde Reegelen agefouert, fir d'Entreprisë virun de grouse virtuelle Player ze schützen. D'Plattformen mussen sech deemno u verschidde kommerziell Reegelen halen, méi transparent vis-à-vis vun hiren Notzer sinn an een interne System aféieren, fir Plainten ze traitéieren. Ausserdeem gëtt zu Lëtzebuerg e spezielle Mechanismus en place gesat, fir juristesche géint ee Service d'intermediation en ligne oder ee Moteur de recherche virzegoen.

D'Politik muss eng Äntwert op nei Geschäftsmodelle ginn. An eise Walprogramm hu mir eis fir d'Schafung vun engem kloer juristesche Kader fir d'Servicer vun der Sharing Economy agesat. Eis ass et wichteg, eng deloyal Konkurrenz ze verhënnern a besonnesch déi kleng a mëttelstännesch Entreprisë virun de grouse virtuelle Player ze schützen. Gläichzäiteg wëlle mir och d'Vertraue vun de Bierger an d'Servicer vun der digitaler Economie stäerken.

Dëst EU-Reglement schafft ee weltwäit éischten internationale Gesetzeskader fir d'Servicer vun der Plattform-Economie. An am Numm vun der Demokratescher Partei ginn ech den Accord fir dese Projet de loi an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Guy Arendt. An ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Semiray Ahmedova. Madamm Ahmedova, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Semiray Ahmedova (déi gréng).**- Merci, Här President. Fir d'alleréischte natierlech och e ganz grouse Merci un d'Rapportrice, d'Madamm Closener, fir de gudden schréfftlechen, mee och fir den exzellente mëndlechen Rapport.

Virtuell Plattformen spillen ëmmer méi eng wichteg Roll a bestëmmen ëmmer méi a sinn ëmmer méi en Deel vun eiser Economie. Dat weist sech beim Konsument, deen och ëmmer méi op Onlineplattformen zrëckgräift.

Fir e ganz konkreet Beispill ze nennen: An de leschte Joren ass een ëmmer méi selten an de Reesbüro gaangen, fir seng Vakanz ze buchen. Ech schwätzen elo net vun der Pandemie, well hei ass et souwiesou ofgeroden, fir esou vill ze reesen. Mee meeschtens buchen d'Leit hir Vakanz oder de Weekend online. An hei gëtt et verschidde Grënn, déi ganz villfälteg sinn. Meeschtens gëtt méi eng breet Offer um Internet ugebueden. Et kann ee praktesch a gemitteltch vun doheem aus buchen. An et kann een och a Rou déi verschidde Produiten, awer och déi verschidde Präisser ënnereneen vergläichen.

Mee och d'Entreprisë sinn duerch d'Onlineplattformen impaktéiert. Fir hir Produiten oder Servicer un d'Leit ze bréngen an nach kompetitiv ze bleiwen, komme si oft net méi derlaanscht, fir sech op Onlineplattformen ze installéieren.

Der EU-Kommissioun no verkafen haut iwwert d'Hallschent vun de PMEen an der EU hir Wueren oder Servicer iwwer Onlineplattformen. Am Ganze sinn et iwwer eng Millioun, mat Tendenz no uewen. Dëst gëtt der Plattform eng enorm Muecht, an en absence vun enger adequater Reglementatioun sinn d'Betriber der Plattform oft ausgliwwert.

D'Coronapandemie huet dës Tendenz a Richtung Onlineservicer weider verstärkt. Vläch net esou vill am Tourismus, well ech scho virdru gesot hunn, dass mer dat scho virdru benotzt hunn, dofir awer an anere Secteuren. D'Restauranten hu missen op Livraisonsen ëmstellen an dofir och op Plattformen zrëckgräifen. D'Geschäfte an d'Commercen hu missen zoumaachen an hunn dofir hir Wueren op Plattformen ugebueden. Fir Kontakter ze ëmgoen, huet sech d'Akafen am Allgemengen nach méi op den Internet verlagert.

Fir vill Entreprisë féiert also och duerch d'Coronakris kee Wee méi derlaanscht, fir online ze ginn. Sou gesinn, sinn d'Onlineplattformen ee vun deene grouse Gewënner vun deser Kris.

Den EU-Reglement, ëm deen et hei geet, ass also grad am aktuelle Kontext e wichteg Schratt, well en d'Entreprises, déi mat Hëllef vun esou Plattformen hir Produiten oder Servicer ubidden, besser schützt. Dank dësem Reglement ginn eng Rei Obligatiounen geschafen, wéi zum Beispill e bessere Kader fir Resiliatiounsrechter. Mee e bréngt och méi

Transparenz an doduerjer méi Fairness, zum Beispill bei Moteur-de-recherchen, déi mëttlerweil dann dee Moment Parametere mussen uginne, no deenen d'Resultater klasséiert an awer och affichéiert ginn. E ganz wichteg Schratt also.

Mat dësem Projet de loi suerge mir derfir, dass d'Netanhale vum Reglement vum Konsumenteschutz fir Plattformen elo och duerch Sanktiounen besser ka gereegelt ginn. Doduerjer hu mer méi sécher Reegelen fir den Onlinecommerce gesat. A genau dat kënn virun allem eise PMEen, dat heescht de petites et moyennes Entreprises, grad an deser Zäit a fir d'Zukunft zegutt! Ganz allgemeng bleift bei der Reegelung awer e grouse Problem bei den Onlineplattformen, an et gëtt nach vill dru geschafft.

E weidere wichteg Schratt an dësem Beräich gëtt am Moment op EU-Niveau ausgeschafft: den Digital Services Act an den Digital Markets Act. Domadder soll e besseren europäesche gesetzleche Kader fir Onlineplattformen geschafe ginn, ënner anerem fir e bessere Konsumenteschutz, a fir d'Monopolstellung vu verschiddene Plattformen ze ëmgoen. D'Relatioun zwëschen Entreprises an Onlineplattformen ass och en Deel vun deenen zwou Proposen.

Dëst gesot, mengen ech, gesi mer, dass et immens wichteg ass, dass mer dat matstëmmen. An ech ginn och an deem Sënn den Accord vun eiser grénge Fraktioun a soen lech e grouse Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Ahmedova. An dann ass d'Wuert fir den honorabelen Här Roy Reding.

■ **M. Roy Reding (ADR).**- Merci, Här President. Och vun ADR-Säit fir d'éischt emol merci der Rapportrice fir dee gudden Rapport. Wéi d'Semiray Ahmedova elo grad gesot huet, ass dat heiten ee Schrëtt. Et sinn nach ganz vill Texter, déi an deser Matière wäerten nokommen. Fir ass einfach e risegrouse Beräich vun der Economie ginn. Dëst ass e Schrëtt, deen ee ka begrëssen. Et muss een elo kucken, wat dat an der Praxis ergëtt, jiddefalls fënn en den Accord vu menger Partei.

Genausou - ech profitéieren dann dervun - wéi och d'Motioun vun de Kolleegen vun der CSV iwwert de Geoblocking, déi ech ganz besonnesch wichteg fannen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Reding. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat dësem Gesetz, wat d'Modalitéite fir en EU-Reglement vun 2019 festleet, sollen dann d'Firme besser virun Abuse vu Websäit-Provideren, Search Engines oder Liwwerdéngschter geschützt ginn. Viséiert - an dat ass kee Geheimnis - si Firme wéi Amazon, Facebook, trivago, Google a wéi se soss nach all heeschen.

Dëst ass ganz begrëssenswäert, do gëtt et keen Zweifel drun, well net nëmme Privatpersounen mussen Mëttel a Weeër hunn, fir sech géint grouss international Firme wéi Amazon oder Google ze wieren, mee och kleng Firmen. Déi brauchen een, deen hinnen den Internetsite op d'Bee stellt, d'Serveren zur Verfügung stellt, oder een, deen hinne ganz einfach eng Plattform bitt, fir hir Wueren ze verkafen.

Dëst Gesetz an dëst europäescht Reglement sinn also ganz wichteg a puncto Konsumenteschutz. Et kléngt vlächent komesch, wann ee kleng Firmen d'nämmlecht schützen muss wéi d'Konsumenten. Mee wann een dat eng kéier an de Kader setzt, wéi kleng esou eng grouss mëttelstänneg Boîte hei zu Lëtzebuerg par rapport zu den Internetgiganten ass, dann ass d'Kräfteverhältnis änlech wéi en eenzelne Konsument vis-à-vis vun enger grousser mëttelstänneger Boîte. Dat muss een einfach an d'Relatioun setzen. An dofir ass et wichteg, dass mer hei och eebe grad kleng a mëttelstänneg Firme schützen.

Ech wëll dësen Debat awer och notzen, fir iwwert d'EU-Reglement hannert dësem Gesetz ze schwätzen. Vill vun deenen am Reglement festgehalenen Dispositiounen begrësse mer. An dësem ass zum Beispill virgesinn, dass déi sougenannten Entreprises de services d'intermediation en ligne d'Firmen, déi bei hinne Client sinn, iwwer Ännerungen vun den Terms and conditions informéieren an hinnen och am Virus d'Grënn nenne mussen, weinst deene se eventuell vum Service ausgeschloss kënnen ginn - eppes, wat jo awer a rezenten Zäiten och mat politesche Figuren definitiv e wichteg Facteur war.

Am Allgemenge mussen d'Terms and conditions an enger méi einfach ze verstoeender Sprooch geschriwwen ginn. Och dat kann een nëmme begrëssen, well wien eng kéier probéiert huet, d'Terms and conditions vun deene groussen Internetfirmen ze lesen, dee verléiert sech ganz séier am Dschungel vun haaptsächlech op Amerika aus-

gerichte Reegelen. A wien dann déi europäesch Reegele wëllt fannen, muss sech scho ganz wäit duerchklicken.

Des Weideren - an dat fannen ech ganz besonnesch wichteg - mussen dës Provider um Internet den Entreprises och kënnen erklären, firwat hire Site oder hire Produit net als ee vun deenen Éischten ugewise gëtt oder firwat e guer net ugewise gëtt. An deem Kader muss dem Client och gesot ginn, ob en duerch méi Geld méi Visibilitéit ka kafen.

Et ass wichteg, dass mer eng Transparenz kréien, wou tatsächlech duerch Werbeausgaben e bessere Ranking erreecht gëtt a wou net, well och dat ass in fine Konsumenteschutz: Et ass wichteg, dass den normale Konsument ka gesinn, op wéi enge Plattformen eventuell Produiten op éischter Plaz stinn, just well se bezuelt hunn. Well wat bréngt e Ranking, eng Sichmaschinn fir Hoteller oder eng Sichmaschinn fir eng nei Wäschmaschinn, wann déi éischt fënnel oder souguer zéng Plazen, déi éischt Säit vun de Resultater kaf sinn? Trauen ech deem Ranking dann nach? A genau hei brauche mer Transparenz, fir dass de Konsument um Enn vum Dag besser geschützt gëtt.

Mir Piraten denken awer, dass et doriwwer eraus wichteg ass, esou Praktiken méi generell ze hannerfroen. Well Plattformen eng gewëssen Neutralitéit ..., grad wann et Vertrauensplattformen sinn, missten dës eng gewëssen Neutralitéit un den Dag leeën. An et geet eeben net duer, just Transparenz ze weisen, et geet och drëm, als Plattform neutral ze sinn, keng Diskriminéierung baséierend op Sender, Contenu oder Empfänger festzeschreiwen. Well nëmmen duerch eng festgeluechte Plattformneutralitéit ass garantéiert, dass innovativ Firme mat wéineg Kapital kënnen Fouss faassen an dass d'Meenungsfräiheet respektéiert gëtt. D'Tatsaach, dass dës Neutralitéit kann duerch Geld beaflosst ginn, ass also net an eise Sënn.

Wat mer awer begrëssen, ass, dass Search Engines wéi Google déi wichtegst Parametere vun hiren Algorithmen mussen virléieren. Dat ass e grouse Schrëtt a Richtung méi Transparenz. Alles an allem geet dese Reglement also definitiv e Schrëtt an déi richteg Richtung.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëst Gesetz ass sécher net perfekt. Et ass awer wichteg, elo d'Modalitéite fir dëst EU-Reglement festzehalen. Ma dëst Reglement ass och nëmmen eppes wäert, wann et och um Terrain kann applizéiert ginn. D'Firme solle sech jo net direkt un d'Justiz wenden, wann eng Internetfirma se net richteg behandelt. Mir hunn eng Organisation publique, déi déi Firmen da soll verrieden. Do wësse mer awer, dass nach Aarbecht ze maachen ass, fir dass de Konkurrenzrot hei déi néideg juristesche Kompetenzen kritt, fir dese Rôle ze iwwerhuelen. Do ware jo weinst der Opposition formelle e puer Onkloerheeten opgetrueden, soudatt mer dat nach mussen an Ugrëff huelen. Nichtsdestotrotz hoffe mer, dass dat séier geschitt an dass mer esou d'Ëmsetzung vum EU-Recht dann och hei zu Lëtzebuerg kënnen garantéieren.

Mir wäerten dese Projet matstëmmen. Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie.**- Merci, Här President. Léif Deputéiert, fir d'éischt virop e grouse Merci un d'Rapportrice Francine Closener. Si huet bal alles gesot, wat mer dann erlaabt, mech hei kuerzzeffaassen.

Dëst Gesetz schützt Entreprisë wéi Klein Leo, awer och nach ganz vill anerer géintiwuer Amazon, awer och géintiwuer méi klengen, méi regionale Plattformen an och vis-à-vis vu Search Engines.

Dese Projet de loi - an de Guy Arendt huet drun erënnert, gradesou wéi och eng Partie aner Riedner, wéi de Sven Clement, d'Semiray Ahmedova -, ass en fait eppes, wat sech areit an déi ganz aktuell Diskussioun ronderëm de Fonctionnement vu Sichmaschinen, vun Onlineplattformen. Et ass geschwat gi vun der Transparenz vun Algorithmen - wéi fonctionnéieren Algorithmen? -, dem Prinzip vun der Neutralitéit vun deenen Algorithmen a vun deene Sichmaschinen, wéi se d'PMEen, wéi se Entreprisë klassifizéieren. An e reit sech och an an déi ganz Diskussioun ronderëm d'Verantwortung vun Onlineplattformen vis-à-vis vun hire Benotzer, mee awer och, wéi hei an dësem Beräich vis-à-vis vun anere Betriber, déi déi Plattformen benotzen, fir hiren eegene Business ze maachen ...

An effektiv hu mer et hei mat engem totalen Desequiliber ze dinne, e Rapport wéi e Betrib zu engem Konsument, effektiv, den Desequiliber ass dee selwechten. An dofir ass et gutt, dass mer dee Projet hei haut stëmmen. An ech freeë mech och iwwert déi ganz breet Zoustëmmung zu dësem Projet de loi.



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens :

Luxemburger Wort, Tageblatt, Zeitung vum Lëtzebuurger Vollek

Contenu rédactionnel :

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Saisie de texte :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Conception et mise en page :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale :

brain&more, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries :

Mediahuis Luxembourg SA
60, rue des Bruyères
L-1274 Howald

Editpress SA

Belval Plaza, 7, avenue du Rock'n'Roll
L-4361 Esch-sur-Alzette

Dëse Projet de loi an dëse Reglement annoncéieren och schonn aner Texter, déi kommen, d'Semiray Ahmedova huet drop higewisen. Mir sinn amgaang ... Mir kruten am Dezember vun der Kommissioun den Digital Services Act presentéiert - hei si mer am Beräich vum B2C, vum Business-to-Consumer; hei geet et u sech ëm eng Weiderféierung an eng Weiderentwécklung vun der E-Commerce-Direktiv, fir d'Responsabilitéit vun E-Commerce-Entreprises ze renforcéieren an ze moderniséieren -, awer och virun allem den Digital Markets Act, wou et en fait ëm déi ganz grouss Plattformen geet a wou et drëm geet, fir och eng Partie deloyal Aktivitéiten ze verbidden oder ganz staark ze encadréieren. An an deem Sënn ass deen heiten Text, dee mer haut stëmmen, en fait en éischte Schrëtt a Richtung vun deem Digital Markets Act, deen an der Maach ass.

Ech géif och proposéieren, dass mer deemnächst eng Kéier, Ufank Mäerz oder Abrëll, an der Kommissioun doriwwer diskutéieren, dass mer eng Kéier bei lech kommen an déi Texter och presentéieren an do schonn en éischten Echange mat der Kommissioun iwwert déi Texter kréien.

Wéi gesot, och wann et sech hei ëm e klenge Projet de loi handelt, deen och nëmmen d'Mise en œuvre vun engem europäesche Reglement duerstellt, sou ass et awer trotzdem nach eng Kéier wichteg, drun ze erënneren, dass mer hei am Kader vun der weltwäit éischter Reglementatioun vun de Relationen tëschent Onlineplattformen an hire professionellen Utilisateure legiferéieren an doriwwer eraus och Europa hei ermë eng Kéier eng Virreideroll anhëlt an der Tentativ, fir iwwerhaapt Onlineplattformen, Sichmaschinnen e juristesche Kader ze ginn, e Kader ze ginn, deen eng gewësse Loyautéit am Ëmgang mat hiren Usageren imposéiert.

Duerch dëse Projet de loi iwwerhuele mer eis Responsabilitéit a mir confirméieren och gläichzäiteg eis Kredibilitéit als responsable Partner fir d'Surveillance vun Entreprises, déi am Commerce électronique tätég sinn.

Ech géif och gäre ganz kuerz eng Proposition maachen. Dir sidd natierlech als Chamber hei absolut souverän, wat déi Motioun ugeet, déi de Léon Gloden deposéiert huet. Natierlech si mer - an, ech mengen, do si mer alleguerten op där selwechter Säit -, géint de Geoblocking an alle Beräicher, sief dat am reellen Handel, mee awer och online, wat d'Contenuen online ugeet. Dir wësst dat, mir hu schonn oft heiriwwer geschwat. Och an all Conseil des ministres, am Conseil „Compétitivité“ brieden ech eng Lanz fir de gudder Fonctionnement vum Marché intérieur, well dorëm geet et hei am Endeffekt beim Geoblocking. An ech géif lech proposéieren, dass mer déi Motioun hei an d'Kommissioun huelen, an d'Ekonomieskommissioun, fir eng Kéier heiriwwer ze diskutéieren a fir en Tour ze dréien, wou mer do dru si mat der Europäescher Kommissioun, och an den Diskussiounen, wat d'Mesurë géint de Geoblocking ugeet. Voilà, dat ass déi Propos, déi ech hei géif zu deem Punkt maachen.

Nach eng Kéier merci fir déi Zoustëmmung zu dësem Projet.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. An ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Léon Gloden.

■ **M. Léon Gloden (CSV).**- Merci, Här President. Merci dem Här Minister fir seng Explikatiounen. Vu

datt dat do elo schonn e Fortschrëtt ass par rapport zu 2019, wou d'Regierung gefrot hat, fir d'Motioun ze rejetéieren, sinn ech dann d'accord, dass se an d'Wirtschaftskommissioun kënn. Awer net eréischt an e puer Méint, mee zimmlech schnell, fir datt mer do wierklech kënnen driwwer diskutéieren am Intèrêt vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Gloden. Ier mer awer elo zur Motioun kommen, wëlle mer fir d'éischt iwwert de Projet de loi ofstëmmen, wou d'Diskussioun ofgeschloss ass.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7537 et dis-pense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Léon Gloden), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par M. Claude Wiseler), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Jean-Paul Schaaf), Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen (par M. Laurent Mosar), Fernand Kartheiser (par M. Roy Reding), Fred Keup (par M. Gilles Roth) et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da kéime mer zur Motioun. An do huet direkt den Här Claude Haagen d'Wuert gefrot.

Motion 1

■ **M. Claude Haagen (LSAP).**- Jo, merci, Här President. Ech géif proposéieren, se sou wéi den Här Gloden och gesot huet, mat an d'Kommissioun ze huelen. Mir hu muer de Moie Wirtschaftskommissioun - dat trëfft sech gutt -, wou mer iwwert de Planning an iwwert d'Prozeduren, déi mer eis fir d'Motioun ginn - et sinn nach e puer Motiounen vun der CSV, déi der Wirtschaftskommissioun unhängeg sinn, an och eng vun de Piraten, wou mer muer de Moie kucken, wéi mer de Suivi do maache mat den Datumen -, da géife mer déi heiten och direkt muer mathuelen an de Planning an och an de Suivi, fir déi heiten ze traitéieren.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Haagen.

Vote sur le renvoi de la motion 1 en commission

Wien d'accord ass, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder muss dann dem Här Haagen seng Kommissioun sech mat dëser Motioun befaassen.

(La motion n° 1 de M. Léon Gloden est renvoyée à la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace.)

7. Question élargie n° 77 de Mme Stéphanie Empain relative à la distribution équitable des vaccins Covid-19

Deen nächste Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtteg ass d'erweidert Fro Nummer 77 vun der Madamm Stéphanie Empain iwwer eng gerecht Verdeelung vun de Covid-19-Impfungen. Den Auteur vun der Fro huet fënnef Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an, no der Äntwert vum Minister, eventuell eng Zousazfro ze stellen. An de Minister, d'Regie-

rung huet zéng Minutten Zäit. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).**- Ech soen lech Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister: „No one is safe, until every-one is safe.“ Dat huet d'Madamm von der Leyen scho relativ am Ufank vun der Pandemie gesot. Dohannert stécht e ganz einfache Message.

(Brouhaha)

An eiser vernetzter Welt ass et wichteg, dass mir global géint d'Pandemie virginn. Fir sécherzestellen, dass den Impfstoff plus/minus zäitgläich an alle Länner vun der Welt zur Verfügung steet an eeben net just an de räiche Länner, ass de Programm COVAX an d'Liewe geruff ginn.

COVAX ass e Programm, deen d'Capacitéite vun der WHO, de Geeberlänner a privaten Organisationen poolt, fir och déi aarm Länner fair mat Impfstoffer ze versueren. COVAX soll also gemeinsam akafen a sécherstellen, dass dann herno och fair verdeelt gëtt.

Gesatend Zil ass et, bis Enn 2021 zwou Milliarden Impfdosen iwwert dëse Wee auszeliwweren. Vill Natiounen hu sech deem ugeschloss. Mee seng Mechanisme ginn ënnerhielegt duerch parallel Verhandlung vun eenzelne Länner direkt mat den Hiersteller. Si reservéiere sech e Léiwendeel vun den Impfcontingenten, soudass d'Verhandlungsposition vum COVAX gläich null ass.

Laut dem Duke Global Health Institute hu sech 16 % vun der Weltbevölkerung iwwer 60 % vum Impfstoff geséichert. Do kann een effektiv kaum nach vu Solidaritéit schwätzen. Och d'EU huet sech genuch Impfstoff geséichert, fir jiddereen an der EU véiermol ze impfen, während aner Länner eidel ausginn, op d'mannst fir den Ufank.

Den Ënnerscheid tëscht aarm a räich gëtt esou ganz däitlech: Déi räich Staaten hu sech mat bilaterale Verträge masseweis, zum Deel och mat héijen Iwwercapacitéiten, bei de Produzenten mat Impfstoffer agedeckt. An domadder hu si de Maart éischstens blockéiert an zweetens natierlech och d'Präisser an d'Luucht gedriwwen.

A mir wëssen natierlech, dass Impfstoffer aktuell mat dat wichtegst Gutt sinn, wat zirkuléiert. Et läit de Moment en enormen Drock op den Entscheidungsträger weltwäit; en Drock, dee souguer derzou gefouert huet, dass e gréisseren diplomateschen Incident op der nordirescher Grenz ausgeleest ginn ass.

Ugesiichts vun all deem fällt et souguer engem Optimist wéi mir relativ schwéier, drun ze gleewen, dass d'Solidaritéit grad ganz uewen op der Prioritéitelëscht steet. Jo, Kanada huet zum Beispill ugekënnegt, seng iwwerschësseg Dose spenden ze wëllen. Dat ass och ganz luewenswäert, mee wéini? Eréischt wann all Kanadier geimpft ass oder eventuell och schonn éischter? Well op en Zäitraum wollten d'Kanadier sech jiddefalls nach net festleeën.

Vill Länner haten hir Hoffnung op Indie gesat. Indien als Apdikter vun der Welt, wéi et oft genannt gëtt. An et ass och an Indien, wou an Zesummenaarbecht mat AstraZeneca en Impfstoff hiergestallt ginn ass, deen elo zënter Mëtt Januar ënnert dem Numm Covishield verimpft gëtt. An eigentlech sollte vun do och Impfdosen un de COVAX-Programm goen. Mee och Indie kuckt elo mol fir d'éischt no sech. An de kommende Méint wier elo mol Indien drun, heescht et.

D'Iddi vun der COVAX-Initiativ war natierlech ganz gutt, mee se hat d'Rechnung wuel ouni d'Realpolitik um Terrain gemaach! D'Hiersteller froe bewosst Zouloossungen net iwwert d'WHO un, mee als Éischt an de räiche Länner respektiv der EU, well se do am meeschte Profit erausschloe kënnen.

Dobäi bréngt eng verspéit Impfcampagne am globale Süden och déi räich Länner a Gefor: Soulaang ganz Regiounen ouni Impfstoff bleiwen, bleift de Risiko fir Mutatiounen natierlech ganz héich. E gesamte Kontinent ass aktuell ganz ausgeschloss, wat e wonnerbare Réckzuchsraum fir de Virus duerstellt, fir Mutatiounen ze entwéckelen, déi herno eis Impfungen kënnen onwierksam maachen.

Ausserdeem ass de globalwirtschaftleche Schued, deen doraus entsteet, dass vill Länner nach soubal net un Impfstoffer kommen, immens héich. Laut enger Studie vum Peterson Institute for International Economics vu Washington kéinten déi ekonomesch Schied, déi doduerch entstinn, dass mer d'Pandemie net global agedämmt kréien, zéng- bis honnertmol esou héich si wéi dat, wat et eis géif kaschten, déi ganz Weltbevölkerung duerchezimpfen. Dowéinst gëtt vu ville Säite gefuerdert, de Patentschutz op Coronaimpfungen auszesetzen, fir dass d'Produktioun kéint ausgeweit ginn. Firwat soll de Patentschutz och bestoe bleiwen an enger globaler sanitärer Kris? Besonnesch wann ee bedenkt, dass Milliarden ëffentlech Gelder an d'Fuerschung vun Impfstoffer gestach gi sinn.

Effektiv gëtt et weltwäit wuel 40 Produktionsplazen, déi mat engem Virlaf vun dräi bis sechs Méint an der

Lag wieren ze produzéieren, wann d'Lizenzen dann eebe fräi wieren. Den EU-Rotspräsident Charles Michel huet jiddefalls scho gesot, dass et an der EU, rechtlech gesinn, méiglech wier, de Patentschutz vun Impfstoffentwéckler géint eng Entschiedegungs-zomm opzehiewen, fir dass och aner Firme sech kënnen un d'Produktioun maachen. Trotzdem ass et esou, dass souwuel d'USA wéi och Kanada, d'EU an d'Pharmaindustrie sech heigéint wieren.

Bon, elo wësse mer natierlech, wat dat bedeit, wa ganz Dealer vun der Welt net geimpft ginn: De Risiko vu Mutatiounen hate mer schonn ugeschwat, Risike fir déi global Ekonomie, mee et huet awer och nach weider Implikatiounen. An der Lescht huet een ëmmer méi vun der Gesondheitsdiplomatie gelies, souzesoen de Géigesaz vun dem Impfnationalismus, deen ech grad beschriwwen hunn. D'Lach an der Versuerung mat Impfstoff, dat mir hannerloossen, gëtt elo vu Länner gefëllt, déi sech aus dëser Zesummenaarbecht natierlech im Nachhinein och geopolitesch Avantagen a méi Afloss versprieche. Grad China a Russland sinn aktuell déi eenzeg, déi an Entwécklungslänner liwweren.

An an dësem Kontext wéilt ech dem Här Minister gäre folgend Froe stellen:

Verschiede Medien hu getitelt, dass Impfgerechtkeet eng Illusioun ass. Wéi gesitt Dir dat, Här Minister? Hu mir nach eng Chance, den Hiewel ëmzeleeën a reell derfir ze suergen, dass all d'Länner kënnen zäitno approvisionéiert ginn?

Wou sti mer mat der COVAX-Plattform an deem Programm? Goufe schonn Impfstoffer doriwwer verdeelt? A wéi stinn d'Zeechen, dass COVAX säi gesatend Zil och erreeche kann? A wéi kënnen mer sécherstellen, dass COVAX net an engem Echec a soumat enger morallescher Bankrotterklärung endegt?

An dann: Wéi huet Lëtzebuerg sech um COVAX-Fong bedeelegt? Hu mir eis zu engem gewëssene Montant engagéiert? An/oder hu mir Contingente fir Impfungen zur Verfügung gestallt oder zougeséichert?

Verschiede Länner hu jo ugekënnegt, iwwerschësseg Impfdose un aarm Länner wëllen ofzeginn. D'Madamm Lenert hat an enger online Talkronn ugedeit, dass Lëtzebuerg och kéint op dee Wee goen, wa mer der genuch hunn. An hei wollt ech nofroen, ob mir do schonn usazweis wëssen, wou mir eis do beweegen, an och ab wéini mer vläicht wéi vill kéinten zur Verfügung stelle respektiv wéi vill Leit missten hei eng Impfung kritt hunn, fir dass dat dann och geschéie kann.

An dann hätt ech nach eng Iescht Fro: Sidd Dir, Här Minister, der Meenung, dass d'Patentrecht an dëser globaler Kris misst ausgesat ginn, fir dass mer eebe méi séier an awer sou sécher wéi méiglech vill Leit kënnen impfen?

Ech soen lech elo scho Merci fir Är Äntwert.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Empain. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Kooperationsminister Franz Fayot.

■ **M. Franz Fayot, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.**- E grouse Merci un d'Stéphanie Empain fir déi Fro hei. Bon, fir d'éischt, wat d'Efforte vun der Lëtzebuurger Entwécklungshëllef ugeet am Beräich Gesondheet, méi generell awer och Gavi a COVAX: Dir wësst, dass d'Lëtzebuurger Kooperatioun ganz engagéiert ass, fir den SDG 3 „Gutt Gesondheet a Wuelbefannen“, fir deen SDG (ndlr: Sustainable Development Goal) ze erreechen. Zënter 2018 hu mer als Lëtzebuurger Kooperatioun ongeféier 15 % vun eiser Entwécklungshëllef exklusiv an d'Gesondheet investéiert. A méi spezifesch, wat de Covidkontext ugeet, hu mer am Joer 2020 eis Ënnerstëtzung un déi wichtegst multilateral a bilateral Gesondheetspartner bestätegt an eise multiannuelle Bäitrag zu Gavi, l'alliance du vaccin, fir d'Period 2021 bis 2025 ëm 25 % erhéicht, fir e Gesamtbetrag vu 5 Milliounen Euro.

Zënter dem Ufank vun der Covidpandemie hu mir als Land eis Approche ëmgusat, fir e gerechten Zougang zu Gesondheetsservicer ze garantéieren. An dozou gehéieren natierlech och d'Impfstoffer géint de Covid-19, déi solle fir jiddwereen accessibel sinn an effektiv, wéi Der dat och richtig sot, e globaalt ëffentlecht Gutt sinn, e bien public mondial, an och als solches da verfügbar sinn. An dat féiert dann natierlech och direkt zu der Diskussioun ronderëm d'Patentrechter, op déi ech zum Schluss nach eng Kéier zrëckkommen.

Et ass effektiv ganz einfach, an Dir hutt dat ganz richtig gesot: Et ass kee sécher, bis jidderee sécher ass. An dofir hu mer eis als Lëtzebuurger Kooperatioun decidéiert, fir eng Millioun Euro zum COVAX-Mechanismus bäizedroen, soudatt och Länner mat niddregem a mëttlerem Akommes Zougang zu de Vaccine kënnen kréien.

Et ass och wichteg, op dësen internationalen Opruff zu Solidaritéit ze reagéieren an zesumme mat eise Partner ze handelen. Mir sinn an deem Kontext och amgaang, d'Ausbezuele vun eise Bäitrag un de